N°314
Entrée le 09.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2024
Chambre des Députés

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2024

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Wäibauminister an un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Nodeems déi Lëtzebuerger Wënzer d'lescht Joer mat ville Belaaschtungen a Beschränkungen ze kämpfen haten, sou z.B. mat iwwerméisseg staarke Reefäll am Summer, déi zu engem ongewéinlech fréie Liesufank gefouert hunn, goufe si och, wéi ee rezent an der Press noliese konnt (Artikel *"OPVI: Mënschen, Drauwen, Passioun"*, *tageblatt* vum 30.1.2024), am selwechte Joer mat verstäerkte Kontrollen duerch d'Inspection du Travail et des Mines konfrontéiert. Net manner wéi dräimol hätt d'ITM d'Lies bzw. déi bei de Wënzer beschäftegt Hëllefsaarbechter kontrolléiert an dobäi relativ héich Geldstrofe verhaang.

De Rapport vun der ITM fir d'Joer 2022 weist drop hin, datt d'ITM dat Joer Geldstrofen an Héicht vun 10,42 Milliounen Euro verhaang hat, e Rekord. Gläichzäiteg war d'Zuel vun de Kontrollen dat Joer däitlech an d'Lut gaang. Fir 2023 leien nach keng Zuele vir. Op der Tëlee hat den Direkter vun der ITM den 21. Abrëll 2023 ënnerstrach, datt Geldstrofen am Géigesaz zu Chantiersschléissungen net ëmmer eng ofschreckend Wierkung op d'Patronen hätten.

An dësem Kontext hu mir follgend Froen un d'Madamm Minister an den Här Minister:

1) Kann d'Regierung Statistike virleeën, déi beleeën, wéi vill Geldstrofe vun der ITM am Joer 2023 géint Vertrieder vun der Lëtzebuerger Wënzerschaft verhaang goufen? Wéi vill Wënzer hunn insgesamt esou eng Geldstrof krut? Wat waren d'Grënn vun dëse Geldstrofen?
2) Wéi vill vun dëse Geldstrofe si bis elo scho bezuelt ginn? Ëm wéi eng Zomm handelt et sech dobäi?
3) Wat déi Geldstrofen ugeet, déi nach net bezuelt goufen: Leien der Regierung Grënn vir, firwat déi betraffe Wënzer dës Geldstrofen nach net bezuelt hunn?
4) Wéi eng Grënn ginn et fir déi verstäerkt Kontrolle vun der ITM wärend der Wäilies? Leien der Regierung Statistike vir, wéi sech d'Zuel vun dëse Kontrollen an de leschten zéng Joer entwéckelt huet?

5) Geet d’Regierung dervun aus, datt déi relativ héich Geldstrofen en dissuasiven Effekt op d’Wënzer hunn? Wa jo, wat bestäerkt d’Regierung an dëser Meenung?
6) Geet d‘Regierung dervun aus, datt verschidde Wënzer bestrooft goufen, well se sech net mat der aktueller Gesetzeslag, mat den administrativen Oplagen an Direktiven auskannt hunn? Wa jo, wéi wëll d’Regierung d’Zuel vun dëse Feeler aus Onwëssenheet an Zukunft verklengeren?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

Jeff Engelen
Deputéierten